Klimaschutz

# Fir e bessere Klimaschutz

15. Mäe 2019 - 15:40

Dausende Schülerinnen a Schüler hunn an der Stad beim "globale Streik fir de Klima" matgemaach. D'Organisateure vu "Youthforclimate" Lëtzebuerg soen, et wiere 15.000 Leit op der "Fridays For Future"-Manif zu Lëtzebuerg gewiescht. D'Police schwätz vu 7.000 bis 7.500 Leit. A villen anere Stied uechter d'Welt hu Jonker haut fir de Klimaschutz manifestéiert.

*Lisa Frising / Pierre Reyland / Sophie Schroeder / cbi*




Tëschent 7.000 a 15.000 Schülerinnen a Schüler hu fir eng besser Klimapolitik demonstréiert.

D'Schülerinne a Schüler fuerdere vun de Politiker, dat si méi maache fir d'Klimaerwiermung ofzebremsen. Jonk Leit wiere méi vun den zukünftege Konsequenze vum Klimawiessel betraff, an dofir misst elo gehandelt ginn.

D'Schüler zu Lëtzebuerg géifen an Zukunft méi reegelméisseg esou Klima-Streiker organiséieren, seet de Ben Stemper vu "Youthforclimate". Si géifen dat op engem Schouldag maachen. Wa si net, wéi dës Kéier, fräi kréien, géife si och ouni Excuse manifestéieren. En Datum fir déi nächst Manifestatioun gëtt et awer nach net.

Andréck vun der Klima-Manifestatioun: https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/fir-e-bessere-klimaschutz